ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 15. Januar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Am September vum leschte Joer ass et wärend dem *Tour de Luxembourg* zu bedauerleche Virfäll komm, wou d'Cyclisten ë.a. temporär gestreikt hunn, fir op feelend Sécherheetsdispositiounen opmierksam ze maachen. An der Äntwert vum 22. September 2020 op meng deemoleg parlamentaresch Fro (N°2845) huet den Här Mobilitéitsminister Folgendes bemierkt:

„Et muss een an engem Debriefing mat alle concernéierten Akteuren, des Situatiounen analyséieren an zesummen kucken wei een esou Tëschefäll an Zukunft ka verhënneren an d'Sécherheet vun de Sportler besser kann garantéieren."

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Huet bis elo deen uewe genannten Debriefing stattfonnt an, wa jo, wéi eng Erkenntnesser hunn sech aus dësem Debriefing erginn?
2. Wéi eng konkret Dispositiounen am Hibléck op d'Sécherheet vun de Cycliste solle beim nächsten Tour de Luxembourg viraussiichtlech ëmgesat ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten